



**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 5558 vum honorabelen Här Deputéierte Fred Keup**

Opgroun vun den héijen Infektiounszuelen esouwuel zu Lëtzebuerg wéi och am Ausland gouf de Schoule scho während dem 1. Trimester vum aktuelle Schouljoer geroden, Sejouren am Ausland ze annulléieren. Eng sëllege Schoule sinn dëser Recommandatioun nokomm an haten domat d'Méiglechkeet, d'Eltere matzäiten iwwert d'Annulatioun vun enger Vakanzekolonie ze informéieren, sou datt keng Onkäschten entstanen sinn.

Enn Dezember 2021 respektiv Ufank Januar 2022 sinn d'Direktiounen dunn an engem offizielle Schreiwes vum Educatiounsministère doriwwer a Kenntnis gesat ginn, datt d'Sejouren am Ausland ze annulléieren wieren, an datt d'Situatioun an dësem Kontext ronderëm d'Fuesvakanz géif reevaluéiert ginn. Opgroun vun dësem Schreiwes konnten d'Schoulen hir geplangten Openhalter am Ausland annulléieren oder reportéieren, sou datt eventuell scho bezuelten Acompten net verluer sinn.

Am Fall vun Annulatiounen ass esou en offiziell Schreiwes vun der nationaler Autoritéit, mat deem d'Sejouren am Ausland ze ënnerloossen sinn, d'Konditioun, fir datt auslännesch Ubidder déi scho bezuelte Sue rembourséieren. Dofir huet den Educatiounsministère op esou eng offiziell Kommunikatioun zeréckgeraff, soss hätt e Risiko bestanen, datt Elteren hir Suen net rembourséiert kritt hätten.

Lëtzebuerg, de 24. Februar 2022

De Minister fir Educatioun,  
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH